ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/10/2025

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 25/09/2025

Presenzen

Présent	Absent
Block Stefanie Brandenburger Rosie (per Video) De Rocco Magali Kinnen Sandrine Leches Max Leurart Ann Peiffer Véronique Pinto Toni Ruppert Lydie Sadler Marie (Sekretärin) Ungeheuer – Origer Sylvia	De Rocco Magali (excuséiert)

1. COPIL

Mir hunn iwwer de Mail vum Schäfferot vum 22.09.2025 geschwat. Mir hunn nach eemol festgehaale wie vun der Kommissioun interesséiert fir um COPIL Gemengepakt deelzehuelen :

- Véronique Peiffer
- Sylvia Ungeheuer-Origer
- Lydie Ruppert
- Ann Leurart
- Magali de Rocco

Déi interesséiert Léit hunn hier Kandidatur era ginn an dëst gi vum Gemengen- a Schäfferot gewielt. Nieft de Léit vun der Kommissioun, kommen och nach 2 Léit aus de lokale Veräiner an 1 Persoun vun der Gemeng.

Helperknapp, 05/10/2025

2. ROI

D'Véronique hat gefrot dass jiddereen den ROI duerchgeet fir dës Versammlung. Follgendes gouf festgehalen:

- D'Véronique erënnert drun, dass et laut ROI net erlaabt ass intern Messagen aus der Kommissioun un aussestehend Persounen weider ze schécken.
- An Zukunft ginn d'Invitatiounen déi mir per Mail vun der Gemeng kréien an de Whats App Grupp gepost. D'Léit kennen sech dann do mëllen an d'Véronique mellt eis bei der Gemeng un. D'Kontaktpersoun mat der Gemeng ass d'Véronique.
- Fir d'Ofstëmmung vum Rapport gouf follgendes festgehal: D'Marie post de Rapport als éischt an de Whats App Grupp a gëtt en Delai u bis wéini d'Léit solle soen op e validéiert ass oder eppes muss geännert ginn. Wann bis dohinner net jiddereen oofgestemmt huet, gett dëst als validéiert ugeholl. An der Versammlung drop, gëtt als 1te Punkt op den ordre du jour gesat "validation du rapport" wou nacheemol jidderee matdeele kann op en averstanen ass mam Rapport oder net.
- Laut ROI, muss an eise Versammlungen ëmmer e Vertrieder vum Gemengerot präsent sinn. Fro un de Schäffen- a Gemengerot: Wann d'Stéphanie net kann un der Versammlung deelhuelen, kënnt dann een anere Vertrieder aus dem Gemengerot?

3. Soirée de Bienvenue 2026:

Fro un de Schäffen- a Gemengerot: Wéi vill Léit si säit der leschter Soirée de Bienvenue bäigezunn?

Mir géingen als Datum fir d'Soirée de Bienvenue den 12.03 oder 19.03 proposéieren. Wéieen Datum géing dem Schäffen- a Gemengerot besser goen? Mir géingen d'Léit invitéieren déi bis Enn Januar 2026 bäigezu sinn an d'Umëllungen bis Enn Februar maachen. Fir de Flyer géinge mir froen dass d'Gemeng sech hei drëms këmmert.

Et wier wichteg d'Powerpoint auszeprinten op de 4 Sproochen an déi de Léit ze verdeelen. Et gëtt keng mëndlech Iwwersetzung gemaach.

4. Chrëstmaart 2025:

Dësen ass dëst Joer de Week-end vum 13.12-14.12. Mir waarden nach op e Retour vun der Gemeng op dësen dëst Joer scho Freides ufänkt. Mir hale fest, dass mir och dëst Joer nees wäerte Stäre verkafen. Mir zerschneide verschidde Stären, sou dass d'Léit och kënne manner ginn a sou verschidde Léit sech un engem Stär kenne bedeelegen. Mir wéise visuell em wéie Stär et sech handelt.

Fir Transparenz mat de Finanzen ze sinn, hu mir festgehal dass mir am Rapport vun der Versammlung nom Chrëschtmaart festhalen, wéie Montant iwwer wéie Wee rakomm ass. Beispill:

- Montant A = Cash ;
- Montant B = Payconiq ;
- Montant C = Deel dee vun der Gemeng bäigeluecht gouf;
- Montant D = Montant deen un de Cactus gaangen ass ;
- Montant E = gespent (falls eppes iwwrech bléift)

Soubaal mir wësse wéivill Deech de Chrëschtmaart ass, mécht d'Marie eng Ëmfro wou d'Léit sech aschreiwe kënne fir um Chrëschtmaart ze hëllefen. Mir maachen d'Schichten nees wéi d'läscht Joer, d.h 2 Stonnen zu 2.

Em Dekoratioun vun eisem Stand këmmert de Max sech.

Futurs Projets/Ziler:

Helperknapp, 05/10/2025

Mir hunn an der Versammlung driwwer geschwat op mir just eng consultativ Kommissioun bléiwe wëllen oder op mir weider Projet'en organiséiere wëllen. Heiriwwer soll jiddereen sech Gedanke maachen. Mir hu wärend der Versammlung scho puer Iddi'e gesammelt:

- Opruff maachen fir Moolhefter, Bicher, Bicker asw ze sammele fir d'Flüchtlingskanner aus der Gemeng
- E Nomëtteg Treffen organiséieren déi méi interkulturell gestallt ass
- Sproochecafé → eventuell Kontakt ophuele mat de Gemengen déi dëst schonn organiséieren
- En Daach organiséieren, wou letzeboiech Bräich erkläert ginn
- En Daach organiséieren, wou mam Retrobus en Tour duerch d'Gemeng gemaach gëtt, wou d'Sehenswürdegkeeten aus der Gemeng erkläert ginn.

➔ Mir huelen dës Iddien mat an déi nächst Versammlung

5. Gemengepakt:

Mir kruten eng Mail vun der Gemeng, dass de Ministère nach eemol kontaktéiert gëtt fir de Pakt nach eemol dem Gemengerot präsentéieren ze kommen. Hei hu mir eis d'Fro gestallt op et net duergeet wa mir d'Powerpoint géingen un de Gemengerot weiderschécke géingen?

6. Nächst Versammlung:

Donneschden, 20/11/2025